Groupe parlementaire

N° 4758
Reçue le 27.07.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 28.07.2021

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister an den Här Transportminister weiderzeleeden.

Um Findel waren d'Lautsprecherannoncen ëmmer op Lëtzebuergesch. Dat ass awer net méi de Fall. D'Tutelle iwwert de Fluchhafen an d'Firma Luxairport läit beim Transportministère.

Duerfir géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Wéi ass déi Decisioun begrënnt, fir Lëtzebuergesch als Informatiounssprooch bei Lautsprecherannoncen um Findel ofzeschafen? Aus wéi enge Grënn ass sech géint d'Lëtzebuerger Sprooch entscheet ginn?
2) Gesäit d'Regierung an dëser Decisioun eng Diskriminéierung géint d'Lëtzebuerger well et de Lëtzebuerger hir Nationalsprooch ass, déi hei betraff ass?
3) Ass d'Regierung am Hibléck op d'Politik vum "Nation Branding" der Meenung, datt et sënnvoll ass, eent vun eise wichtegste Kulturgidder, nämlech eis Sprooch, op enger Plaz vu sou enger intensiver, internationaler Begéinung, wéi dem Findel, ze sträichen? Wier et net grad op esou enger Plaz flott an interessant fir eis Sprooch an d'Vitrinn ze setzen?
4) D'Annoncë sinn engersäits schonn net ëmmer einfach ze verstoen, anerersäits ginn et jo och Leit déi kee Franséisch an Englesch verstinn, z.B.: Kanner oder Leit mat Sproocheproblemer. Wier et dowéinst net hëllefräich an ubruecht och d'Annoncen, wéinstens um Lëtzebuerger Fluchhafen, och op Lëtzebuergesch ze maachen an och déi elektronesch Unzeigen ëm eng lëtzebuergesch Komponent ze erweideren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten